déi Konservativ

Pressematdeelung

05.12.2017

Wahlëmfro oder Wahltäuschung?

D'Partei **déi Konservativ** stellt fest, datt si eng vun deenen offizielle politesche Parteien ass, déi am neiste Sondage vum TNS Ilres Monitor vum 30. November 2017 ausser Uecht gelooss gouf. Dëst ass net déi éischte Kéier, datt eis Partei, "vergiess" gouf! Nieft eis als déi Konservativ, goufen och déi aner Klengparteien, ewéi d'Piratepartei, d'Partei fir Integral Demokratie an d'Kommunistesch Partei, systematesch lénks leie gelooss an als politesch an demokratesch Optioun vum Bierger a Wieler ausgeschloss. Dës politesch Benodeelegung ass eng Diskriminéierung.

Wëll een de Bols am Vollek fillen, an d'politesch Stëmmung am Land richteg analyséieren, muss all Partei am politesche Sondage consideréiert ginn, an domat d'Parteielandschaft zu Lëtzebuerg, op eng realitéitsgetrei, ganzheetlech an objektiv Art a Weis erëm gi ginn!

Wuelwëssend, datt esou eng Ëmfro ni ganz representativ ass, sou sollt een d'Resultat awer op kee Fall duerch e falsche Spillprinzip, an eng feelerhaft Methodik verfälsche goen. Dës Feststellung ass och fir d'Credibilitéit an d'Professionalitéit vum Meenungsfuerschungsinstitut TNS Ilres wichteg!

Mir fuerdere fir d'Zukunft, datt déi Konservativ als politesch Partei, wéi all déi aner, hire Stellewäert an hir Plaz an de Sondagen a Meenungsëmfroen anhuelen an domat e Stéck méi Demokratie gewot gëtt.

gezeechent,

déi Konservativ